N° 4305
Entrée le 24.06.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Maarnech, de 24. Juni 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Am Sënn vun Transparenz an engem effizienten Asaz vu staatleche Mëttele stelle sech Froen am Zesummenhang mat de finanziellen a personelle Ressourcen, déi déi eenzel Ministèren am Beräich Kommunikatioun asetzen.

Virun deem Hannergrond wéilt ech der Madamm Justizminister gär follgend Froe stellen:

1. Ënner wéi enge Budgetsartikele goufen d'Kommunikatiounsdepensë vum MJUST (Presseaarbecht, Informatiounscampagnen, Publicitéit, Social Media, audiovisuell Produktiounen, Grafik), opgeschlësselt op déi lescht fënnef Budgetsjoren, opgeléscht?
2. Wéi héich war, opgeschlësselt op déi lescht fënnef Budgetsjoren, d'Gesamtzomm, déi fir Kommunikatioun virgesi war, a wéi vill dovu gouf effektiv ausginn?
3. Wéi hu sech, opgeschlësselt op déi lescht fënnef Budgetsjoren, dës Ausgaben opgedeelt no: a) lafende Verwaltungskäschten, b) Campagnen (Marketing, Informatioun, Sensibiliséierung)?
4. Wéi vill Vollzäitäquivalenter (ETP) waren, opgeschlësselt op déi lescht fënnef Budgetsjoren, am Beräich Kommunikatioun virgesinn oder goufen effektiv agesat?
5. Wéi vill dovunner waren, opgeschlësselt op déi lescht fënnef Budgetsjoren: a) befristet beschäftegt; b) onbefristet (CDI); c) extern (Freelancer, Beroder, Agencen, asw.)?
6. Wéi hu sech, opgeschlësselt op déi lescht fënnef Budgetsjoren, dës Plazen opgedeelt no Tätegkeetsberäicher (Presseaarbecht, Informatiounscampagnen, Publicitéit, Social Media, audiovisuell Produktiounen, Grafik, asw.)?
7. Wéi héich waren, opgeschlësselt op déi lescht fënnef Budgetsjoren, d'Käschte fir déi extern Prestatairen (Freelancer, Beroder, Agencen, asw.), déi am Beräich Kommunikatioun fir de Ministère aktiv waren oder nach sinn?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten